



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité intérieure

A
Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation

Luxembourg, le **02 JUIN 2021**

**Objet : Question parlementaire n°4211 du 4 mai 2021 de Monsieur le Député Fred Keup
concernant les vols avec agression**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse à la question parlementaire reprise sous
rubrique.

Je vous prie de croire, Monsieur le Ministre, à l'expression de ma considération distinguée.

Le Ministre de la Sécurité intérieure,



Henri KOX

Äntfert vum Här Henri Kox, Minister fir bannenzeg Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 4211 vum 4. Mee 2021 vum honorabelen Députéierten Fred Keup

Ad 1):

Säit dem Ufank vun dësem Joer ass eng Serie vu spezielle Vols avec violences am gaangen. Et goufen der Police an der Stad am ganze bis den 30. Abrëll eng 30 sou Faiten gemellt, wou d' Affer eng Ketten vum Hals, respektiv eng Auer vum Aarm gerappt krut.

Ad 2):

Am Abrëll goufen um Territoire vun der Gemeng Lëtzebuerg der Police bis elo 27 Vols avec violences an Tentative gemellt, dovu 17 wou d' Affer soit eng Ketten vum Hals, soit eng Auer vum Aarm gerappt krut. Insgesamt goufe bis elo am Abrëll 41 Vols avec violences an Tentativen am ganze Land gemellt.

Ad 3):

Heiriwwer féiert d'Police kéng Statistiken.

Ad 4):

Béi dësem Punkt verweise mer op d'Äntwerten op d'parlamentaresch Froen Nr. 3682 vum 19. Februar 2021 an Nr. 4039 vum 7. Abrëll 2021 vum Här Deputéierte Fred KEUP.

Ad 5):

Bei der Serie um Gebitt vun der Stad Lëtzebuerg, op déi d'Ausso vun der Madamm Buergermeeschter sech bezitt, konnten dëst Joer schonn 13 Verdächtiger vun sou Vols avec violences vun der Police ermëttelt ginn. Verschidener vun hinne gi verdächtigt puer Faite begaangen ze hunn.

Ad 6):

D'Police féiert kéng Statistiken iwwert d'Nationalitéit, de Wunnuert oder de Statut vun Tatverdächtigen oder Täter. Mee och ouni statisteschen Outil erkennen d'Beamten um Terrain an d'Enquêteure vum Service de Police Judiciaire awer Tendenzen. Sou kann, zumindest wat d'Serie vu Vols avec violences am Abrëll um Territoire vun der Gemeng Lëtzebuerg betrëfft gesot ginn, dass et sech bei der Majoritéit vun Tatverdächtigen ëm Persounen aus der Alterskatégorie 17 – 25 Joer aus dem nordafrikanesche Raum handelt. Heibäi beriff d'Police sech haaptsächlech op Täterbeschreibungen an Zeienaussoen, sou wéi dat och an de Pressecommuniquéë stoung.